KIERCHENTOUR
Eis Kierche verzielen

oppe Kierchen

Ënnert dem Schutz vun engem Engel

Visite vun der Parkierch vu Kiirchen

L-9942 Basbellain

2. Juli 2017 | 16.00-17.30

Co-Organisateur:
Por Ëlwen-Wäiswampech an de
Syndicat d'Intérêts locaux Basbellain

D'Par Kiirchen war ursprénglech eng vun de gréisste Paren aus der Géigend, eng sougenannte „Mutterpfarrei". Si huet sech vun Ëlwen bis Gouvy erstreckt, béidsäiteg vun der Réimerstrooss tëschent Reims a Köln. An deenen Uertschaften gouf et no an no och Kierche, mee gedeeft a begruewe gouf laang Zäit just zu Kiirchen, wat haut nach um iwwergrousse „Gottesaker" ze erkennen ass. Vun der aler Kierch ass näischt méi ze gesinn, d'Gemeng huet am 19. Joerhonnert vum Architekt Antoine Hartmann eng nei elegant Kierch am deemools moderne neo-gotesche Stil iwwert déi al baue gelooss. Och den Interieur ass stilvoll erneiert ginn mat neo-goteschem Mobilier. Eng Parti vun ale Konschtwierker blouwen awer nach erhalen an hunn eng Eiereplaz an der neier Kierch krut. Datt et eng Méchelskierch ass, ass ganz kloer een Hiweis drop, datt di nei Kierch eng ganz al ersat huet. De Gust Zanter huet eng grouss Fënster ënnert dësen Thema gesat.

D'Ingrid Scholzen-Hoffmann, Pastoralreferentin, erläutert d'Bedeitung vun den Äerzengelen an der Bibel an an der kathoulescher Traditioun.

De Claude Helten, President vum Syndicat d'intérêts locaux, geet op d'Geschicht vun dëser aler Par an a féiert duerch d'Kierch.

D'Chorale Ste Cécile Basbellain-Hautbellain bréngt de Raum zum Kléngen, ënnert der Begleedung vum Organist Edmond Kremer.

Erwuesse Bildung

www.ewb.lu www.lsrs.lu

LSRS LUXEMBOURG SCHOOL OF RELIGION & SOCIETY